Lëtzebuerg, de 24. Juni 2025

# Invitatioun op en Dagesausfluch an de Norden

## 19. Juli 2025

## SEBES-Wierk zu Eschdorf

## Ettelbrécker Arboretum

***Léif Frënn vum Naturmusée***

Wéi scho ugekennegt, sidd Dir häerzlech invitéiert op en Dagesausfluch an de Norden vum Land.

**RDV um 8.50 Auer um klenge Glacis zu Lëtzebuerg. Départ vum Bus um 9.00 Auer** ***oder***

**RDV um 9.25 Auer zu Ettelbréck um Busarrêt vun der Place Marie-Adelaide.**

## Programm

**Visite vum neie SEBES-Wierk (2023) zu Eschduerf mam Titel: Eist Drénkwaasser – vun der Natur an de Krunn.**

D'SEBES (Syndicat des Eaux du Barrage d'Esch-sur-Sûre) as verantwortlech fir d'Drénkwasserversuergung vu Lëtzebuerg a versuergt 90 % vun der Bevölkerung mat héichwäertegem Drénkwaasser vum Krunn.



Eng détailléiert Féierung weist eis déi 7 Etappen vun der Wasseropbereedung vum Séi an anere Quellen bis an d'Leitung. Mee och aner Punkten, Fakten a Problemer ronderëm d'Waasserqualitéit an d'Erhale vun der Qualitéit, d'Herkunft vum Waasser an d'Verdeelung gin erklärt op engem 800 m lange Rondgang vun 2 Stonnen.

An der Mëttesstonn, **eegene Picknick aus dem Rucksak** matten an der Natur.

Nométtes **Féierung duerch den Ettelbrécker Arboretum** mam Eike Jablonski, fréiere Gaardeproff an der Ackerbauschoul, Papp a Responsablen vum Arboretum, wëssenschaftleche Matarbechter vum Musée.



Den Arboretum zu Ettelbréck ass eng Sammlung vun Beem an Sträicher op enger Fläch vun 6 Hektar mat ongeféier 1 000 Planzen, deen an de leschten 20 Joer vun der Ackerbauschoul ugeluegt ginn as. Et ass eng

wichteg Institutioun fir Lëtzebuerg an d'Regioun, déi fir Schoul- a Fuerschungszwecker genotzt gëtt an och als Plaz fir Erhuelung déngt. Dank senger Planzevielfalt bitt den Arboretum e konkreten Iwwerbléck iwwer d'Interaktiounen tëscht den Ökosystemer, der Biodiversitéit an der Benotzung vun den Planzen am Kontext vum Klimawandel.



Den Arboretum op der Haart as dëst Joer och en Deel vun der LUGA zu Ettelbréck.

De Wee op d'Haardt erop an erof maache mir zu Fouss vun Ettelbréck aus.

**Retour zu Ettelbréck géint 17.00 Auer, zu Lëtzebuerg géint 18.30 Auer.**

**Onkäschtebräitrag: 45 €**

Sidd der interesséiert un eisem Ausfluch deelzehuelen, mellt Iech w.e.g. un bis spéitstens ***Donneschdes den 10. Juli op info@amnhn.lu . (d'SEBES brauch d'Nimm vun de Leit 1 Woch am Viraus; Carte d'identité matbréngen! Maximal 25 Persounen)***

***Gitt w.e.g. onbedéngt bei der Umellung un, wou der an de Bus klammt: Glacis oder Ettelbréck!***

***Wichteg: e Bidong mat Waasser fir de ganzen Dag, Picknick an eng Jackett fir d'Visitte vun der SEBES).***

Iwwerweist eis w.e.g. den Onkäschtebeitrag réischt nodeems der ugeholl sidd.

Fir eventuell Froen: info@amnhn.lu

*Merci fir Ären Interessi a mat beschte Gréiss!*

Marie-Paule Welter
Trésorière

Geneviève Faber
Sekretärin

**Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg**
**tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**